



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 6248 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

Ad 1)

Am Moment si 16 Enseignanten aus dem Enseignement primaire (EP) an dem Enseignement secondaire (ES) an europäesch Schoule vum Typ 1 detachéiert, dovun 10 op ee Posten am Ausland.

Am Detail ass d'Opdeelung déi heiten:

- EP: dräi zu Lëtzebuerg, een zu Alicante, een zu Varese, een zu Frankfurt an een zu München ;
- ES: dräi zu Lëtzebuerg, zwee zu Bréissel, zwee zu Alicante an zwee zu Varese.

Ad 2)

Laut Artikel 12.4a vun der Konventioun iwwert de Statut vun den europäesche Schoulen (*Convention portant statut des Écoles européennes*), déi de 17. August 1994 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen gouf, bestëmmt de Conseil supérieur vun den europäesche Schoulen all Joer, op Proposition vun de Conseils d'inspection, d'Besoien u Léierpersonal, andeems e Poste schafft oder suppriméiert. De Conseil supérieur uecht op eng gerecht Verdeelung vun de Plazen tëscht de Memberstaaten.

D'Cheffin vun der Lëtzebuenger Delegatioun schéckt den Enseignanten am Laf vum Mount Mee d'Lëscht mat de fräie Posten. Dës Poste sinn op fir Staatsbeamten an -employéën. Déi zwee lëtzebuergesch Inspektoren préiwen d'Kandidaturen. D'Enseignanten, déi zeréckbehale ginn, kréien am Laf vum Mount Juni Bescheid gesot. D'Dauer vum Detachement ass am Prinzip op néng Joer fixéiert, woubäi d'Méiglechkeet besteet, den Detachement ëm dräi Joer ze verlängeren.

Ad 3)

Et sief betount, datt just déi 13 europäesch Schoule vum Typ 1 concernéiert sinn.

Laut der uewe genannter Konventioun iwwert de Statut vun den europäesche Schoulen an den Accorden iwwert d'Käschten, un deenen sech all Memberstaate bedeelegen, ginn all Joer eng Partie Enseignanten an déi 13 europäesch Schoulen detachéiert. Dës Schoule sinn op sechs Länner verdeelt: Däitschland, Belsch, Spuenien, Italien, Lëtzebuerg an Holland.

Wat déi detachéiert Enseignanten ubelaangt, sou gëtt d'Unzuel fir all Memberstaat berechent op Basis vun der Proportioun u lëtzebuergesche Schülerinnen a Schüler, déi an deenen 13 europäesche Schoulen ageschriwwen sinn.

Ad 4) a 5)

Wéi schonn erwähnt, betrëfft den Dispositif just déi 13 europäesch Schoule vum Typ 1.

Déi agreéiert europäesch Schoule si Schoulen, déi den europäesche Coursus ubidden an de pedagogeschen Ufuerderungen, déi vum Conseil supérieur vun den Europäesche Schoule festgeluecht

ginn, gerecht ginn, dëst awer am nationale Kader vum Memberstaat. Dës Schoulen hänken net vum juristeschen, administrativen a finanzielle Kader of, un deen déi europäesch Schoule vum Typ 1 gebonne sinn. D'Enseignanten, déi an den agreéierten europäesche Schoule schaffen, si keng detachéiert Enseignanten.

Lëtzebuerg, de 17. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH